N°7277
Entrée le 02.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.12.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Dezember 2022

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister an un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

D'Aide-Soignanten hu wärend der Pandemie wäertvoll Déngschter fir eist Land a seng Bierger geleescht. Si sinn e wichtege Bestanddeel vun eisem Gesondheetswiesen. Wann een awer um Internetsite vun MEN nokuckt, fir Informatiounen iwwer déi ugestriefte Reorganisatioun vun den Ausbildunge fir Gesondheetsberuffer gewuer ze ginn, stellt ee fest, datt de Beruff vum Aide-Soignant do quasi inexistent ass. Dobäi kënnt, datt, wéi een an engem Artikel am *tageblatt* vum 28.11.2022 („Wat geschitt mam Beruff vum Aide-Soignant?") noliese kann, datt an de Klinicke lo scho bal keng Aide-Soignante méi agestallt ginn, well d'Infirmièren d'Responsabilitéit fir déi medezinesch Handgrëffer vun den Aide-Soignanten iwwerhuele mussen. Et schéngt den Aide-Soignante keng Eegeverantwortung méi zougetraut ginn.

An deem Kontext hu mir folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi eng Mesuren ergräift d'Regierung, fir de Beruff vum Aide-Soignant besonnesch bei de Jonken ze promouvéieren?
2. Kann d'Regierung confirméieren, datt bei der Reorganisatioun vun den Ausbildunge fir Gesondheetsberuffer och de Beruff vum Aide-Soignant mat consideréiert gëtt? Wann net, wie soll d'Aarbecht vun den Aide-Soignanten um Terrain iwwerhuelen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten

Jeff Engelen, Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742
ADR – Parti politique 11, Biirkelter Stroos L-6552 Bärtreff Tel.: (+352) 2620 3706